

# de Kueb

LiteraTour zu Beetebuerg

édition spéciale Esch2022

obeler  
fenneng:beetebuerg:  
hunchereng  
näerzeng

eis gemeng

De Programme  
vum LiteraTour 2022  
22. Abrëll - 21. Mee

Déi 2 Finalen  
vum Prix Laurence 2022  
den 23. a 24. Abrëll

REMIXING

CULTURE

E22  
ESCH2022.LU

Nei um Bichermaart  
*De Ris geet op d'Rees*  
Eng BD fir Grouss a Kleng

Literatur - International  
mam Denis Scheck  
a ville renomméierten Auteuren

**1 MOUNT BEETEBUERG-BICHERBUERG**



# Inhalt

Préface . . . . .	3
Editorial . . . . .	5
E Fest, wéi et am Buch steet! . . . . .	6

## ✦ International Highlights

“How to save the world – and what literature has to do with it” . . . . .	8
„Warum wir Drachen brauchen“ . . . . .	9

## ✦ Beetebuerg Highlights

De Ris geet op d’Rees . . . . .	10
Prix Laurence 2022 . . . . .	12
L’Apéro Littéraire . . . . .	14
E roude Fuedem duerch de roude Buedem . . . . .	15
„OnHEEMlech“ . . . . .	16
Et geet em eng gëlle Kou . . . . .	17
K-Check . . . . .	18
Den Henri Losch erzielt Seeërcher a Legenden . . . . .	19
LIT meets ART . . . . .	20
De BicherKueb . . . . .	21
D’Plazen, wou dir de LiteraTour 2022 erlieft . . . . .	22

## Programm

E Buch am Zuch . . . . .	24
LIT meets ART . . . . .	24
Porte Ouverte am neie KulTourhaus zu Hunchereng . . . . .	29
Rassismus im Literaturbetrieb . . . . .	30
Déi 2 Finale vum Prix Laurence 2022 . . . . .	31
From Stories to Musicals . . . . .	32
CNLiesrees... op Beetebuerg . . . . .	32
Was bleibt vom europäischen Traum? . . . . .	33
L’Apéro Littéraire . . . . .	34
LiteraTour – The Collection Gifts & More . . . . .	35
“How to save the world – and what literature has to do with it” . . . . .	35
Crémant-mélange . . . . .	35
„Warum wir Drachen brauchen“ . . . . .	36
Willkommen im Technozän . . . . .	37
Curieuse Nature . . . . .	38
Une soirée avec Armel Job . . . . .	38
Concert Trio Paradiso . . . . .	39
Sascha Ley & Laurent Payfert . . . . .	39
D’Geschicht vum Ris Knupperduller . . . . .	40
Soirée de lectures Hommages-Souvenirs . . . . .	40
The Musicians’ choice – D’Musikanten hu gewielt . . . . .	41
#AFTER-COVID . . . . .	41
Hidden session in Bettembourg . . . . .	42
En Dag mat de Lëtzebuerger Bicherediteuren . . . . .	43
Haut gëtt endlech déi nei BD “De Ris geet op d’Rees” offiziell virgestallt! . . . . .	44
E roude Fuedem duerch de roude Buedem . . . . .	45
our archive. your story . . . . .	45
Chorale Municipale Sängerfreed . . . . .	46
Et geet em eng gëlle Kou . . . . .	46
„OnHEEMlech“ . . . . .	47
Ciné-concert our archive. your story . . . . .	47
Programmation cinématographique . . . . .	48
LiteraTour - The Collection: Gifts & More . . . . .	49
Virfreed 2023 . . . . .	50
Eis Partner . . . . .	51



Impressum: Koordination: Service des relations publiques (T 51 80 2899), Administration communale de Bettembourg / Iddi, Konzept a Mataarbecht: pit hoerold / Grafik Design: Bakform.lu / Dänzer: “Make your Move” / Coverfoto: Alain Piron / Drock: Imprimerie Ossa / Tirage: 6.000 Stück / Gedréckt op recycéléierte Pabeier

Am Cader vun Esch2022  
de LiteraTour 2022

# 10 Joer LiteraTour: Eng Aventure fir eis Gemeng!

Virun 10 Joer, 2013, huet de LiteraTour sech op de Wee gemaach.  
An dëse grouse Lies-Festival fir jiddereen ass mat all Editioun  
gewuess.

Am Mëttelpunkt stinn d'Freed um Liesen, d'Freed un de Sproochen  
an den Echange mat SchrëftstellerInnen.



**»Am Mëttelpunkt stinn  
d'Freed um Liesen,  
d'Freed un de Sproochen  
an den Echange mat  
SchrëftstellerInnen.«**

Mam Jugendliteraturpräis »Prix Laurence« gouf  
vun 2015 un aus enger Iddi e Projet, fir Jonker  
z'encouragéieren sech matzedeelen.  
Haut e feste Rendez-vous um LiteraTour mat  
engem impressionante Palmarès, wann ee sech  
de Parcours vun deenen ukuckt, déi de Kueb  
vum »Prix Laurence« konnte mat Heem huelen.


D'Editioun vun dësem Joer steet natierlech am  
Zeeche vun der Europäescher Kulturhauptstad  
Esch2022. Mir freeën eis op e spannende Programm a renomméiert  
AuteurInnen, déi bei eis op Beetebuerg kommen.

Esou spannend, datt och de Ris aus dem Parc Merveilleux erwächt  
a sech wäert op den Tour maachen.

**Sidd dobäi a gitt mat op de LiteraTour 2022!**



**Laurent Zeimet**  
Buergermeeschter





# liteRA tOUR



# Peace, please!

## Wat kann Literatur? Wat kann de LiteraTour?

Vrun allem sollen se de Lieserinnen a Lieser, grouss a kleng, Freed maachen. Si op Entdeckungsrees schécken, op aner, nei, ganz onerwaarte Gedanke bréngen. Déi een am Alldag, am Liewen mat senge schéinen a manner schéinen Amenter, e Stéck weider bréngen, fir net ëmmer wéi en Dillendapp op der Plaz ze dréien.

Si sollen awer och de Virwëtz stëppelen. Op d'Welt, wéi se ass, net dierft sinn - a si kéint. No der Dystopie och mol eng Utopie woen. Ouni sech an Illusiounen ze verléieren.

No der Pandemie, deem groussen **C**, dann elo dee grouse **K**. Wäit ewech - an dach esou no. Wann een d'Biller gesäit. An all déi Leit, déi sech stënterlech, ouni hire Wëllen, op dee Wee hu maache missen - an déi eis Hëllef bräuchen.

Fir datt den **F**, dee groussen **F**, deen ëmmer erëm a Gefor ass, nees an de Mëttelpunkt vun enger Mënscheet geréit, déi d'Pedalle verléiert.

Dozou kann d'Literatur, wa si eis oprëselt, och hire Beitrag leeschten. Jo, ja, oui, yes, dat kann d'Literatur. An, als Begleedong, de LiteraTour.

Wann dir iech opmaacht fir Versteesdemëss, Solidaritéit, Hoffnung. An dee groussen **F**. De Fridden.

**Häerzlech wëllkomm um LiteraTour 2022.**






# E Fest, wéi et am Buch steet!

Häerzlech wëllkomm,  
bienvenue, welcome  
op där 10. Editioun  
vum LiteraTour,  
dem Lies-Festival  
fir Iech all.

Zënter 2013 ass de LiteraTour dee Bestseller,  
dee keen, deen an der Literatur  
doheem ass, verpasse wëll.





2



3



5



6



8




9



11



12



14



15



16



Am Cader vun Esch2022 bidde mir Iech en neit Kapitel, e ganz apaarte Programme, mat Liesongen an Diskussiounen vu renomméierten Auteuren aus aller Welt. A vun heiheem.

Dat sinn, aus Däitschland, dem <sup>1</sup>Daniel Kehlmann, d'<sup>2</sup>Felicitas Hoppe, d'<sup>3</sup>Mithu Sanyal an de <sup>4</sup>Frank Schätzing. Aus den USA den <sup>5</sup>T.C. Boyle (*per Visiokonferenz*). Aus Éisträich d'<sup>6</sup>Anna Herzog an d'<sup>7</sup>Raphaëla Edelbauer, aus der Belsch den <sup>8</sup>Armel Job, aus England d'<sup>9</sup>Sharon Dodua Otoo an aus Holland de <sup>10</sup>Geert Mak.

A vun hei de <sup>11</sup>Guy Helming, de <sup>12</sup>Lambert Schlechter, de <sup>13</sup>Jean Portante, d'<sup>14</sup>Corina Ciocârlie an de <sup>15</sup>Michel Clees. An um Europadag, den 9. Mee, dem Rendez-vous mat den Editeuren, kënt dir eng Hellewull vu Lëtzebuerger Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller live am Schlasspark erliewen.

Unni dee beschtbekannte Literaturkritiker, den <sup>16</sup>Denis Scheck, ze vergiessen, dee schonn e puer Mol um LiteraTour war, fir eis déi neitste Bicher virzestellen an deen um LiteraTour 2022 zweemol derbäi ass, den 23. an 30. Abrëll!

An op de Live-Liesonge vun deenen zwou grouse Finallen vum Prix Laurence 2022 kënt dir iech e Bild maachen, wéi déi jonk Literatur vun hei an dobäussen elo, an och an Zukunft, ausgesäit.

De LiteraTour 2022 -  
Literatur pur.  
Fir Grouss a Kleng!





International  
Highlight

Weider Infos  
op S. 35

# “How to save the world – and what literature has to do with it”

Mit T.C. Boyle & Frank Schätzing

Moderation: Denis Scheck




Bücher zum Klimawandel sind mittlerweile Legion, und angesichts der Stapel in den Buchhandlungen muß man fragen, ob nicht auch die Herstellung und das Bedrucken von Papier CO<sub>2</sub>-Emissionen freisetzt.

Doch zu einer anderen Welt gelangen wir erst mit einem anderen Bewusstsein. Und Bücher sind nach wie vor die geeignetsten Instrumente, um einen solchen Bewusstseinswandel auszulösen.

T.C. Boyle



Frank Schätzing



Denis Scheck





International  
Highlight

Weider Infos  
op S. 36

# „Warum wir Drachen brauchen“

## Lesung mit Podiumsdiskussion

Mit Daniel Kehlmann,  
Felicitas Hoppe und  
Andreas Fröhlich

*Moderation: Marco Goetz*

Hartnäckig hält sich das Gerücht, es gäbe so etwas wie eine realistische Literatur. Eine Literatur, die von unserem wirklichen Leben mit Beziehungsstress und Ärger mit der Steuer, dem Dauerclinch im Büro, Orgasmusschwierigkeiten und Erektionsproblemem erzählt im Gegensatz zu all den Märchengeschichten mit Feen und Zauberern, Kämpfen gegen Drachen oder Hexen und den Abenteuern von Hobbits oder Harry Potter, die nichts, aber rein gar nichts mit unserem Alltag zu tun haben, sondern nur eine billige Flucht aus diesem ermöglichen.

Eskapismus heißt denn auch der Killervorwurf gegen diese Art von Literatur. Geflissentlich unterschlagen wird dabei jedoch, dass die Flucht aus der Wirklichkeit überhaupt der Urgrund aller Literatur und allen Lesens ist. Wir lesen, weil wir das

Bedürfnis haben, von unseren eigenen Lebensumständen, den jeweils opportunen politischen und sozialen Glaubensgewissheiten, der permanenten Nabelschau einmal abzusehen, um nach dem Genuß einer Geschichte mit frischem Blick, ausgelüftetem Hirn und wachem Herz in unser eigenes Leben zurückzukehren.

Deshalb sagte Tolkien, die einzigen, die etwas gegen Eskapismus hätten, seien die Gefängniswärter.

Darüber möchten wir mit den Schriftstellern Daniel Kehlmann und Felicitas Hoppe sowie dem Synchronregisseur und Hörspieler Andreas Fröhlich, der deutschen Stimme von Gollum in Peter Jacksons „Herr der Ringe“- Filme, diskutieren.

**Daniel Kehlmann**



**Felicitas Hoppe**



**Andreas Fröhlich**



Beetebueg  
Highlight



# De Ris geet op d'Rees

Weider Infos  
op S. 44

## De Beetebueger Comic mat dem gréissten Held vu Lëtzebuerg

Jidderee kennt wuel de bekanntsten Awunner vu Beetebueg. Hien ass bal 10 Meter grouss a wunnt am Märchepark. Jo, genee, et ass de schlofende Ris. De Koloss mat der roudere Mutz, de laange, bronge Stiwwelen, dem hellbloe Pullover an der karéierter Box. Hien ass d'Wahrzeeche vum Parc Merveilleux.

Ronderëm dëse markante Personnage ass den neie Comic „De Ris geet op d'Rees“ entstanen. Pünktlech fir de LiteraTour 2022 huet d'Gemeng Beetebueg, zesumme mam Texter Lucien Czuga an dem Zeechner Andy Genen de Ris op

mysteriös Weis waakreg gemaach an hien op eng spannend Rees duerch d'ganz Gemeng Beetebueg geschéckt. D'Lieser kënnen sech op eng Geschicht voll Humor a lëschteng Personnage freeën.

D'Storyboard gouf am Virfeld mat den Awunner vun der Gemeng entworf.

De Comic ass ab Mee an dräi Sproochen (LU, FR, EN) am Handel disponibel, souwéi am Parc Merveilleux an an der sozialer Librairie „de Bicherkueb“, rue de la Gare, Beetebueg.

[www.bettembourg.lu](http://www.bettembourg.lu)

## Den interaktiven Themewee „De Ris geet op d'Rees“

E kreative Ris-Parcours duerch d'Gemeng, dee laangfristeg erlieft ka ginn.


Kommt a begleet de Ris op senger Rees! Mir kucken eis ganz genee déi Plazen un an der Gemeng, wou de Lucien Czuga an den Andy Genen de Ris op seng Rees schécken. Zil ass et, dës Rees an der Realitéit nozegestalten an et esou de Lieser ze erméiglechen, seng Abenteuer „live“ ze erliewen.

Besicht ons zu Beetebueg, erlieft dem Ris seng Rees an entdeckt verschidde Konschtwierker déi relevant Zeenen aus dem Comic opgräifen an an der Gemeng Beetebueg an déi reell Welt iwwerdroe ginn.

Weider Infos op [www.bettembourg.lu](http://www.bettembourg.lu)



# Interview mam Lucien Czuga (LC) a mam Andy Genen (AG)



## Wéi erlieft dir är Aarbecht un dësem Projet?

AG: Doduercher, dass mer schonn zesumme geschafft hunn, wësse mer och jeeweils, wéi deen aneren «tickt» an dat mécht et dann och immens einfach, flott an angeneem, fir un esou engem Projet ze schaffen. An et ass effektiv fir eis Allenzwee eng grouss Eier, fir esou een emblemateschen a scho bal ikonesche Personnage wéi de Ris um Pabeier zum Liewen erwächen ze dierfen!

LC: Fir mech ass et e Pleséier, mam Andy zesummen ze schaffen! Mir hu jo scho viru 15 Joer déi 3 Bänn vum « Leschte Ritter » zesumme gemeet an dono och sporadesch verschidde Projetë realiséiert. Wat de Ris ugeet, ass et fir eis eng geckeg Saach, esou eng flott Geschicht dāerfen ze erzielen vun engem Personnage, dee mer schonn allenzwee aus eise respektive Kandheete kennen!

## Wéi eng Charakterzich maachen de Ris aus?

AG: Ech empfangen hien haaptsächlech als ee ganz gemittlechen Typ, ee guttmiddege Gesell, dee kenger Méck eppes zu Leed doe kann.

LC: Fir mech ass de Ris e virwëtzen, hëllefsbereeden a generéise Borscht, deen net zéckt, wann et drëm geet, engem Aneren aus der Patsch ze hëlfelefen oder eng Ongerechtegkeet nees riit ze béien! Ausserdeem ass hien och e gudde Frënd a Kamerod an all Situatioun.

## De Ris begéint e puer interessant Personnage op senger Rees. Kënnt Dir schonns e bëssen heiriwwer zielen?

AG: Jo, mir wëllen effektiv net ze vill spoilere an de Leit d'Freed um Entdecke loosse. Woubäi et sech dann och heiansdo loune wāert och mol den Hannergrond e bësse méi genee ënnert d'Lupp ze huelen, well och do kann een heiansdo deem engen oder anere Personnage begéinen...

LC: Do ginn et der e ganze Koup a mir kënnen se och net alleguer hei opzielen, well de Lieser se jo soll au fur et à mesure an der Geschicht

kenneléieren. Soe mer just dass eng Hex, e Stärekuuckert an e puer Frënn vun der Eisebunn drënner sinn...

## Wéi ass et esou e grouse Personnage an enger BD ze zeichnen? Wou leien hei d'Herausforderungen?


AG: Dem Ris seng Gréisst ass effektiv eng Erausforderung. Doduercher dass hie mat «normale» Leit ze dinn huet, muss ech d'Cadragen dann och deementspriedend upassen, d.h., dass een z.B., wann een de Ris ganz gesäit, déi aner Personnage da just kleng gesäit oder wann een déi dann méi grouss gesi soll, dass een dann just een Deel vum Ris gesäit. Mee dat mécht d'Aarbecht dee Moment dann och ämsou méi interessant, well et all Kéiers een Challenge ass, fir eng Léisung ze fannen, wéi ech eng Szeen duerstelle kann.

## Wéi bass Du virgaang bei der Entwécklung vun der Geschicht?

LC: Ech hunn d'Geschicht zesumme mam Andy entwéckelt. Dobäi ass et drëm gaang, genee wéi bei engem Roman oder Film, e gudden Ufank an e flotte Schluss ze fannen an de Wee ze définéieren, wéi ee vun deem engen op deen anere kënnt. Well et sech bei der Geschicht ëm d'Rees vum Ris duerch déi 5 Sektione vun der Beetebuerger Gemeng handelt, wor dëst net all ze schwéier!

## Gëtt et e spezielle « Rise » Witz, deen dir besonnesch gefält?

LC: Wéi bei deene meeschte BDen wéi z.B. Tintin, Asterix oder Lucky Luke ass den Hauptpersonnage net deen eigentleche « Witzbold », mä éischer säi Compagnon, wéi den Haddock, den Obelix oder de Rantanplan. Am Fall vum Ris ass et de Lori, dee Papagei, deen hien op senger Rees begleet. Wéi se bei d'Lok kommen, déi an der Gare zu Beeteburg aus de Gleise gesprong ass, seet deen : « Ech mengen, déi läit an de leschten Zich ! » an « Hei handelt et sech bestëmmt ëm e « Lok down »! »



All d'Aktualitéit  
zum Ris  
fannt Dir op  
Facebook.



Beetebuerg  
Highlight

Weider Infos  
op S. 31

# Prix Laurence 2022



**Déi 7. Editioun vum  
Prix Laurence, déi am Cader  
vun Esch2022 eng europäesch  
Dimensioun hat, huet nees  
e grous Succès kannt.**

Et hu matgemaach: **168** jonk  
Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller mat  
**239** Texter.

Si kommen aus Lëtzebuerg, der Grouss-  
Region an dëst Joer och aus Kaunas  
(Litauen), der Partner-Kulturhauptstad  
vun Esch2022, a vu Valpaços (Portugal)  
a Flaibano (Italien), de Partnerstied vun  
der Gemeng Beetebuerg.

An all Land gouf et eng Jury, fir  
d'Finalisten fir déi zwou grous Finale  
mat de Live-Liesongen, den 23. a  
24. Abrëll zu Beetebuerg, erauszewielen.

**Am Lëtzebuenger Jury sinn:**

Vesna Andonovic, Martine Forty,  
Christiane Kremer, Christine Mandy,  
Jérôme Jaminet, Antoine Pohn,  
Thomas Schoos a Pit Hoerold.

A bei déi 5 Anthologien mat de Finalisten  
a Laureaten vum Prix Laurence  
(2015/16 - 2020), déi dir an eisem  
BicherKueb an och an ärer Librairie kritt,  
kënnt dann, Enn dës Joers, fir d'Kultur-  
an d'LiteraTour-Joer ofzeschleissen an  
de Prix Laurence 2023 anzelauden, déi  
6. Anthologie vum Prix Laurence 2022  
derbei.

*Mee an dësem Ament denke mir vrun  
allem u Litauen, a ganz speziell un déi  
jonk Auteuren, d'Jurys-Memberen an  
d'Leit vu Kaunas, déi vill méi no beim  
Krich an der Ukraine sinn. Courage!*

All weider Infos op:  
[www.prixlaurence.lu](http://www.prixlaurence.lu)



## E puer Impressiounen vun eise Partner:



Dear friends of Bettembourg, First let us really thank you for the opportunity to participate in this important event. This initiative has pervaded with enthusiasm our twinning and culture commissions which were immediately activated to involve local schools to raise awareness among young people through teachers and exploiting the web with dedicated sites, while recognizing this difficult and particular moment.

We would like to thank those who have lent themselves to this project, from the school realities, interested children and the whole jury.

As for the presented texts we can say that they range from the fairy tale to the historical through prose, poetry and the writing of a book. Thanks again to the Municipality of Bettembourg and all those who worked to organize the event, wishing everyone good work and a good life.

**Alessandro Pandolfo**  
Mayor of Flaibano, Italy



Our jury had an interesting experience when we received texts from the participants that did not have any task, they were not given any topic or a line for inspiration. We observed that young people care about the world's problems, but their gaze also explores their internal life, and the emerging topics are loneliness, the possibility of communication, melancholy, and the inevitability of death.

**Sandra Bernotaite**  
President of the Kaunas jury

Participating in the seventh edition of the "Prix Laurence 2022" literary competition has been a great opportunity and honour we are very thankful for. We are very pleased that young authors from Valpaços, partner municipality of Bettembourg, embraced the challenge with enthusiasm and submitted their original literary creations on subjects that are important to them, as well as they learned about the twinning of Valpaços with Bettembourg. They wrote about their homeplace, about Europe and the sense of belonging, but also about relationships and love, life and hope and finally dreams that come true. Through their texts we can travel across landscapes of imagination and sensations. Their words invite and involve the reader, touching one's inner self. And there are no limits or borders for that.

Literature brings us together!

**Eliane Maria Fernandes**  
Coordinator Valpaços, Portugal



Beetebuerg  
Highlight

Weider Infos  
op S. 34

# L'Apéro Littéraire


Par le Théâtre  
de Nihilo Nihil

Inscrit dans la thématique d'Esch2022 « Remix Europe », l'Apéro littéraire « Rêves d'Europe » revisite dans les essais, poésies et discours, les grands textes d'auteurs qui ont contribué à l'édification de l'entité européenne. Il ouvre aussi sur la création littéraire d'aujourd'hui en puisant dans les textes d'auteurs déposés lors du concours littéraire «Prix Laurence» de la Commune de Bettembourg.

Les textes sélectionnés seront donnés à entendre lors de plusieurs Apéros Littéraires, formes de lectures-spectacles interactives et conviviales, où les textes mis en voix par des comédiens professionnels sont étayés de chansons interprétées en direct et accompagnées par des musiciens. Par une scénographie particulière, comédiens, musiciens et public se retrouvent dans une proximité spatiale, qui favorise le partage émotionnel.

Pour ce projet, la distribution des comédiens professionnels sera renforcée par les lecteurs amateurs bénévoles, formés préalablement dans le cadre d'ateliers de lecture expressive proposés et dirigés par la Compagnie.

[www.theatredenihilonihil.com](http://www.theatredenihilonihil.com)  
[www.prixlaurence.lu](http://www.prixlaurence.lu)



© Cie Nihilo Nihil



ernster  
l'esprit livre

# E roude Fuedem duerch de roude Buedem


## Nuetsgejäiz & Bëschgepäspers

Getrei dem Motto „REMIX CULTURE“ léisst MASKÉNADA fir d'Europäescht Kulturhauptstad Esch2022, d'Fraebiller aus ale Geschichten a Legenden nei opliewen.

Inspiréiert enneranerem aus dem Mil Goerens sengem Repertoire vun „Eiser Soen“, ginn a 6 ausgewielte Südgemengen (Esch, Beetebuerg, Diddeleng, Suessem, Monnrech an Déifferdeng) 6 verschidde Spektakelen opgefouert. Dësen neien « Legenden-Parcours » ass eng marche artistique an en Erzieltheater duerch di schéin a mystesch Minetter Natur.

De roude Fuedem féiert eis am Mount Mee op Obeler an de Bësch mam Theater-Trëppeltour: Nuetsgejäiz & Bëschgepäspers. Hei ginn Zuschauer op verschiddene Statiounen zum Grujele bruecht. Zesumme maache mir eis op d'Sich no Gestalten aus Seechen, a verstofften Stëmmen vu Fraen aus vergaangene Zäite.

Méi Informatiounen op [www.maskenada.lu/esch2022](http://www.maskenada.lu/esch2022) & [www.maskenada.lu/beetebuerg-obeler](http://www.maskenada.lu/beetebuerg-obeler)



MASKÉNADA



# „OnHEEMlech“

## Krimi-Dinner

**E „kriminalistescht“ Theaterstéck mat kulinarischem Encadrement, geschriwwe vum Christiane Kremer, gespillt vun de Beetebuurger Theaterfrënn.**

Mir sinn an engem CIPA (Centre Intégré pour Personnes Agées, fréier en „Altersheim“).

Et ass en Dag wéi all aneren ... oder net? – Neen, well haut ass Porte ouverte am CIPA „Heemlech“, mee fir d’Pensionnairen ännert dat awer net vill, och wann de Besuch vun der Ministesch ugekënnegt ass:

- den Abbes an de Jos sëtzen op hirer Bänk, stëppelen an ameséiere sech iwwert d’Visiteuren
- d’Agnès spëtz d’Oueren an huet d’Aen iwwerall
- d’Germaine an d’Tréis halen de Beschass héich
- d’Maria an d’Lina liewen an hirer Welt

Alles ass also wéi ëmmer, bis ... jo, bis datt ee vun de Pensionnaire verschwënnt. A senger Kummer gëtt Blut fonnt a säi Kleederschaf steet op!

### Wat ass geschitt?

Huet ee vun deenen anere Pensionnairen eppes domadder ze dinn? Oder hunn den Direkter Laurent an de Chef-Infirmier Erny eppes ze verstoppen? Ass de Bernard, den Aide-Soignant, wierklech esou fein, wéi e sech mécht? Oder brauch d’Carole, d’Niess vum Tréis a Journalistin, e staarken Ophänkert fir en Zeitungsartikel?

Kommt och Dir an de CIPA „Heemlech“, haalt Är Aen an Är Oueren op a fannt eraus, wat geschitt ass!

De Präis, d’Menüskaart a weider Detailler fannt Dir zu gegebener Zäit op [www.literatour.lu](http://www.literatour.lu)



# Et geet em eng gëlle Kou

**Claudia Lucas Chéu – Joao Santos Lopes**  
(op Lëtzebuergesch iwwersaat vum Sandra Franco)  
**Ian de Toffoli – Jean-Paul Maes**

Am Kulturjoer 2022 sinn et 65 Joer hier, datt zu Roum de Grondsteen zu der Europäescher Unioun geluecht gouf. Wat ass an deene 65 Joer geschitt? Wéi huet d'EU séch entwéckelt a wéi zefridden, respektiv frustréiert stinn haut hier Bierger(Innen) do, an hierem Liewen.

Et geet eis dach all ëm eng „Gëlle Kou“. Mee wéi gesäit déi aus? Wéi fett oder gouereg ass si an deene verschiddene Länner.

Zwee Auteuren, déi scho jorelaang matenee befrënd sinn, aus deenen zwee Länner, de Jean-Paul Maes an de Joao Santos Lopes haaten d'Iddi fir hir Impressiounen zu den aktuellen Zoustänn an hiere Länner an zwéin Eenakter ze beschreiwen an hunn mam Ian de Toffoli (L) an der Claudia Lucas Chéu (P) zwee Literaten vun der méi jonker Generatioun zu zwee weideren Eenakter animéiert.

Derbäi eraus koumen witzeg, satyresch an awer och batter Texter, déi eis déi grouss Ënnerscheeder an dese Länner opweisen, esou wéi déi ausgesichten Auteuren(Innen) së empfannen.



## Deen neie Roman vum Jean-Paul Maes



### REHAUGEN Kremart Edition

Lucien ist gerade 50 geworden. Seit 22 Jahren ist er Vorarbeiter in der Baufirma seines Jugendfreundes Jeff. Seine Frau Karin hat im Anbau ihres Reihenhauses ihre physiotherapeutische Praxis eingerichtet. Beide haben sich geschworen, niemals im Streit zu Bett zu gehen; Konflikte sollen sofort beigelegt werden, was bislang auch immer geklappt hat. Karin ist stolz auf ihre beiden Söhne, ihre gutgehende Praxis, ihre Vorzeigeehe. Doch kurz vor ihrer Silberhochzeit, für die sie ein riesiges Fest plant, bemerkt sie eine Veränderung an Lucien, die sie nicht zu deuten vermag. Ihre Beziehung bekommt die ersten Kratzer, droht sogar zu zerbrechen, denn Lucien kann sich nicht länger gegen die Gefühle, die in ihm toben, wehren.

“Rehaugen” spielt im Jahre 2010 in Luxemburg. Die Geschichte wird aus Karins und Luciens Perspektive erzählt. Sehnsüchte, Ängste, Zweifel steigen an die Oberfläche und stürzen beide in ein emotionales Chaos.

# K-Check

## D'Kanner aus den SEA-Strukture checke Beetebuerg

Si huelen iech mat op eng multimedial Rees  
duerch Beetebuerg op där si Märecherementer  
op eng sprëtzege Aart a Weis mat de moderne  
Medie remixen an nei erfannen.

Op Papertales, Fotofilmer wou al Märcherer als  
Virlag dinge, flott Audiomärcherer oder e coole  
Sprëch-Remix, fir jiddereen ass eppes derbäi.


« Knusper, Knusper Knäuschen, wer knabbert an  
meinem Häuschen? »

Déi verschidde Projete ginn dem Public per  
QR-Code op de verschidde Plazen an eiser  
Gemeng zougängleg gemaach. Einfach mat der  
Handykamera drophalen a schonns erlieft dir eng  
vun eise coolen Aventuren :)

Méi geschwënn op [www.literatour.lu](http://www.literatour.lu)!



Mir checke  
Beetebuerg –  
mam K-Check!



# Den Henri Losch erzielt Seeërcher a Legendenden

Am Summer 2021 huet de kierzlech verstuerwenen Henri Losch am Optrag vun der Gemeng Beetebuerg an a Collaboratioun mat **Atelier Paradiso asbl** Erzielungen opgeholl.


Den Henri erzielt eis 7 Seeërcher a Legendenden aus dem lëtzebuurger Legendeschatz, déi ab dem 1. Mäerz 2022 op DVD erauskommen an no an no och dem breede Public wäerten zougänglech gemaach sinn.

Den Henri war ëmmer e sympatheschen an interessante Gaascht um LiteraTour an huet iwwert d'Jore vill Schouklasse begeeschtert.

Dëse Projet ass deemno a virun allem e Kaddo vun der Gemeng Beetebuerg un all hir jonk Awunner esou ewéi un d'Schoul- a Betreuungsstrukturen an der Gemeng.



D'Musek (Kompositioun & Cello) ass agespillt vum Judith Lecuit / Opnahm an Animatioun vum Mathieu Lebrun, op der Basis vu Biller vum Foni Tissen



## Henri Losch (1931-2021) in memoriam

De 26. Dezember 2021 huet eis den Henri Losch fir ëmmer verlooss. Hi war e wäit a breet bekannte Schoulmeeschter, Schauspiller, Linguist. A Schrëftsteller, och vun Dréibicher.

Den Henri Losch ass ëmmer nees gär op de LiteraTour zu Beetebuerg komm, wou hien eis all Kéiers mat senge Liesongen e schéinen, an nodenklechen, Owend gebueden huet.

Mir wäerten den Henri Losch och um LiteraTour a beschter Erënnerung behalen.

R. I. P.

Beetebuerg  
Highlight

Weider Infos  
op S. 24

# LIT *meets* ART

Quand un auteur et un artiste se  
retrouvent pour créer un projet  
commun ... il en sort un livre et  
une exposition. A découvrir !

## Exposition

Fern' Rollinger

*Papiers Collés*

et

## présentation

du nouveau livre de Pit Hoerold

*in alle winde zerstreut*

gedichte und notizen

enrichi par des **Papiers Collés**  
de Fern' Rollinger

du 23 avril au 9 mai 2022

vernissage le 22 avril à 19h00

à la Galerie Maggy Stein



# De BicherKueb

## Librairie sociale

Rendre accessible la lecture et cultiver l'esprit, tel est l'objectif de la librairie sociale « de BicherKueb », développée par la commune et le « Cent Buttek ». A l'intérieur de la librairie à l'ambiance décontractée, vous trouvez les dernières nouveautés, mais aussi des livres neufs à prix réduit et des livres d'occasion. Tous les bénéfices issus des ventes iront au Cent Buttek.

de BicherKueb  
18, Rue de la Gare  
L-3216 Bettembourg



de **BICHERKUEB**  
à la LiteraTourShop

Heures d'ouverture:  
Mardi de 15h00 à 18h00  
Jeudi de 15h00 à 18h00  
Vendredi de 15h00 à 18h00



# D'Plazen, wou dir de LiteraTour 2022 erlieft

Dëst Joer, wou d'Gemeng Beetebuerg bei der europäescher Kulturhauptstad Esch2022 mat virbäi ass, kënnt dir de LiteraTour och nach op ganz äussergewöhnleche Plazen erliewen.

Am Schlasspark, dee souzesoen »The Reading Park« gëtt, erwaart iech, nieft rouege Lies-Ecker, e grousst Lies-Zelt, de Chapiteau »Magic Mirror« (vum 23. Abrëll bis den 9. Mee), mat enger ganzer Rei Liesongen an Diskussiouns-Owender an deenen zwou Finalen vum Prix Laurence.

A vum 23. Abrëll un kënnt dir och dat neit KulTourhaus zu Hunchereng entdecken, an deem d'Veräiner en neit Doheem kréien, a wou et vill Theater- a Concert-Owender gëtt.

A wéi gewinnt am Haff a Festsall vun der Gemeng, am Ciné Le Paris an am Atelier Paradiso.

**Vill Plazen also, wou dir iech Plaz huele kënnt, fir de LiteraTour an enger flotter europäescher Ambiance ze erliewen!**

**u r welcome :-)**

## KulTourhaus

8, rue de l'Ecole  
L-3341 Huncherange





## Beetebuenger Schlass

13, rue du Château  
L-3201 Bettembourg

## Atelier Paradiso

15, rue Sigefroi  
L-3280 Bettembourg  
[www.atelier-paradiso.lu](http://www.atelier-paradiso.lu)



## Ciné Le Paris

12, rue de la Gare  
L-3236 Bettembourg  
[www.leparis.lu](http://www.leparis.lu)

Lies-Zelt  
Magic Mirror  
Schlasspark, Beetebuerg





## E Buch am Zuch

Eemol méi ass et derwäert, den Zuch ze huelen!  
Och dëst Joer verdeele mir op der Beetebeurger  
Gare dat beléifte Buch am Zuch, dat a kenger  
Sammlung vu Luxemburgensia feelen däerf.



**Freides, den 22. Abrëll**  
**vu 6.30 bis 09.00 Auer**  
**Beetebeurger Gare**



Weider Infos  
op S. 20

## LIT meets ART

Quand un auteur et un artiste se retrouvent pour  
créer un projet commun ... il en sort un livre et  
une exposition. A découvrir !

### Exposition

Fern' Rollinger  
**Papiers Collés**

et

### présentation

du nouveau livre de Pit Hoerold  
**in alle winde zerstreut**  
gedichte und notizen  
enrichi par des **Papiers Collés**  
de Fern' Rollinger

### ateliers

**Graphisme et Littérature**  
durant l'exposition

Plus d'informations sur  
[www.literatour.lu](http://www.literatour.lu)



### Vernissage

**Vendredi, le 22 avril à 19h00**


### Exposition

**du 23 avril au 9 mai**

**Galerie d'art Maggy Stein**  
**Château de Bettembourg**

**Heures d'ouverture :**  
vendredi, samedi,  
dimanche  
de 15 à 20 heures  
ainsi que lundi, 9 mai,  
de 14 à 19 heures  
Entrée libre

REMIX  
YOUR STORY!



10. EDITION

# LITERATOUR BEETEBUERG

22. Abrëll–21. Mee 2022

*Liesungen, Konferenzen, Workshops, Ausstellungen,  
Theater & Musik fir Grouss a Kleng an dem  
Jugend-Literatur-Präis „Prix Laurence“*

[www.literatour.lu](http://www.literatour.lu)  
f [literatourbettembourg](https://www.facebook.com/literatourbettembourg)  
[www.prixlaurence.lu](http://www.prixlaurence.lu)



obeler  
fenneng:beetebueg:  
hünchereng  
näerzeng  
eis gemeng

AM KADER VUN  
**E22**  
ESCH-SUR-ALZETTE  
EUROPEAN CAPITAL  
OF CULTURE

# Programme

## 22. Abrëll

## 21. Mee

**LU** Umeldung, Ticketen  
a weider Informatiounen  
fannt Dir op

**DE** Anmeldung, Tickets  
und weitere Informationen  
finden Sie auf

**FR** Inscription, tickets  
et informations  
complémentaires sur

**EN** Registration, tickets  
and further information  
can be found at

[www.literatour.lu](http://www.literatour.lu)

---

### BUCH AM ZUCH

Freides, den 22. Abrëll  
Beetebuenger Gare

---

### LIT MEETS ART

**Fern' Rollinger & Pit Hoerold**  
23 avril - 9 mai  
Vernissage le 22 avril  
Galerie Maggy Stein  
Bettembourg

---

### PORTE OUVERTE CENTRE CULTUREL HUNCHERANGE

Samsdes, den 23. Abrëll  
vun 10.00 bis 14.00 Auer  
KulTourhaus, Hunchereng

---

### RASSISMUS IM LITERATURBETRIEB

**Denis Scheck mit Guy Helminger,  
Sharon Dodua Otoo, Kristof  
Magnusson und Mithu Sanyal**  
Samstag, den 23. April  
15.00 Uhr  
Magic Mirror, Schlosspark,  
Bettemburg

---

### PRIX LAURENCE 2022

**Final 12 - 17 Joer**  
Samschdes, den 23. Abrëll  
11.00 Auer  
Ciné Le Paris, Beetebuerg

---

### Final 18 - 26 Joer

Sonndes, den 24. Abrëll  
11.00 Auer  
Magic Mirror  
Schlasspark, Beetebuerg

---

### FROM STORIES TO MUSICALS

**Harmonie Municipale Beetebuerg**  
Sonndes, den 24. April  
18.00 Auer  
KulTourhaus, Hunchereng

---

### CNL - LIESREES

**Corina Ciocârlie, Jean Portante a  
Lambert Schlechter**  
Lundi, le 25 avril  
20 heures  
Magic Mirror  
Parc du château, Bettembourg

---

### WAS BLEIBT VOM EUROPÄISCHEN TRAUM?

**Caroline Mart mit Geert Mak und  
Jean-Claude Juncker**  
Dienstag, den 26. April  
20.00 Uhr  
Magic Mirror  
Schlosspark, Bettemburg

---

### L'APÉRO LITTÉRAIRE

**Théâtre Nihilo Nihil**

---

### SOIRÉE « PRIX LAURENCE »

Mercredi, le 27 avril  
20h00  
Magic Mirror  
Parc du château, Bettembourg

---

### MATINÉE « PRIX LAURENCE »

Dimanche, le 15 mai  
10h30  
KulTourhaus, Huncherange

---

### MATINÉE « RÊVES D'EUROPE »

Dimanche, le 22 mai  
10h30  
Château de Bettembourg

---

### HOW TO SAVE THE WORLD - AND WHAT LITERATURE HAS TO DO WITH IT

**Denis Scheck mit Frank Schätzing und  
T.C. Boyle**  
Samstag, den 30. April  
17.00 Uhr  
Magic Mirror  
Schlosspark, Bettemburg

---

### CRÉMANT-MÉLANGE

**Anna Herzig, Michel Clees**  
Sonntag, den 1. Mai  
11.00 Uhr  
Bettemburger Schloss

---

### WARUM WIR DRACHEN BRAUCHEN

**Marco Goetz mit Daniel Kehlmann,  
Felicita Hoppe, Andreas Fröhlich**  
Sonntag, den 1. Mai  
16.00 Uhr  
Magic Mirror  
Schlosspark, Bettemburg

---

### WILLKOMMEN IM TECHNOZÄN

**Bea Kneip und Jérôme Jaminet mit  
Raphaëla Edelbauer, Dietmar Dath,  
Maxime AllardMonday**  
Montag, den 2. Mai  
20.00 Uhr  
Magic Mirror  
Schlosspark, Bettemburg

---

### CURIEUSE NATURE

Mardi, le 3 mai  
15h00  
Ciné Le Paris, Bettembourg

**RENCONTRE AVEC ARMEL JOB**

Mardi, le 3 mai  
20h00  
Magic Mirror  
Parc du château, Bettembourg

**CONCERT TRIO PARADISO**

Mercredi, le 4 mai  
20h00  
Magic Mirror  
Parc du château, Bettembourg

**CONCERT SASCHA LEY & LAURENT PAYFERT**

Jeudi, le 5 mai  
20h00  
Magic Mirror  
Parc du château, Bettembourg

**D'GESCHICHT VUM RIS KNUPPERDULLES**

Donneschdes, den 5. Mee  
14.30 Auer  
Atelier Paradiso

**SOIRÉE DE LECTURES HOMMAGES-SOUVENIRS**

**Pit Hoerold, Christiane Kremer, Kaleidoskop**  
Vendredi, le 6 mai  
20h00  
Magic Mirror  
Parc du château, Bettembourg

**#AFTER-COVID**

**Antoine Pohn, Anouk Mahr, Fernando Martins da Mota, Eline Klaassen, Luc François**  
Samsdes, de 7. Mee  
19.00 Auer  
Festsall  
Schlass, Beetebuerg

**THE MUSICIANS' CHOICE**

**Fanfare Ste Cécile**  
Samsdes, de 7. Mee  
20.00 Auer  
KulTourhaus Hunchereng

**HIDDEN SESSION**

Sunday, 8 May  
From 4.00pm to midnight  
Magic Mirror  
Castlepark, Bettembourg

**EN DAG MAT DE LËTZEBUGERGER BICHEREDITEUREN**

Méindes, den 9. Mee  
vun 11.00 Auer un  
Magic Mirror  
Schlasspark, Beetebuerg

**OUR ARCHIVE. YOUR STORY**  
**Centre national de l'audiovisuel**

Du 13 au 29 mai  
Galerie Maggy Stein  
Château de Bettembourg

**E ROUDE FUEDEM DUERCH DE ROUDE BUEDEM**

**Maskénada**  
13., 14., 20., 21., 27. & 28. Mee  
mam Auto um 20.00 Auer um P&R  
Beetebuerg Gare  
zu Fouss um 20.15 Auer zu Obeler bei der Kapell

**LËTZEBUGERGER OWEND**

**Chorale Municipale Sängereed**  
Freides, den 13. Mee  
Sonndes, de 15. Mee  
20.00 Auer  
Beetebuerg Schlass

**ET GEET ËM ENG GËLLE KOU**

**Kaleidoskop**  
Freides, den 13. Mee  
20.00 Auer  
Samsdes, de 14. Mee  
20.00 Auer  
Sonndes, den 15. Mee  
17.30 Auer  
KulTourhaus, Hunchereng

**ONHEEMLECH**

**Beetebuerg Theaterfrënn**  
Freides, den 20. Mee  
18.30 Auer  
Samsdes, den 21. Mee  
18.30 Auer  
Sonndes, den 22. Mee  
11.30 Auer  
KulTourhaus, Hunchereng

**CINÉ-CONCERT**  
**OUR ARCHIVE. YOUR STORY.**

**Pit Dahm Quartet**  
Samedi, le 21 mai  
20h00  
Château de Bettembourg

**PROGRAMMATION**  
**CINÉMATOGRAPHIQUE****Ciné Le Paris**

**EX-MACHINA**  
Jeudi, le 28 avril  
20h00

**A.I. ARTIFICIAL INTELLIGENCE**

Thursday, 5 May  
08.00pm

**ROBOT AND FRANK**

Jeudi, le 12 mai  
20h00

**READY PLAYER ONE**

Thursday, 19 May  
08.00pm

**Fir déi méi Jonk:****DER GIGANT AUS DEM ALL**

Sonntag, den 1. Mai  
16.00 Uhr

**DER RÄUBER HOTZENPLOTZ**

Sonntag, den 8. Mai  
16.00 Uhr



# 10 Joer LiteraTour ...

Am Joer 2013 war déi 1. Editioun vum LiteraTour.  
E goug iwwer e puer Deeg.  
Well e vill Uklang bei Grouss a Kleng vun no a wäit fonnt huet,  
ass en am Laf vun de Jore gewues.  
Mir waren d'lescht Joer bei iwwer 2 Wochen ukomm.  
An dëst Joer, am Cader vun Esch2022,  
si mir bei engem Mount.  
Freet iech elo schonn op eng ganz Rei  
vu renomméierte Schrëftsteller a Schrëftstellerinnen  
vun hei an och eisen Nopeschlänner, déi dir  
um LiteraTour 2022 live erlieue kënt!

## ... a 7 Joer Prix Laurence

